

Lëtzebuerg, den 25. Oktober 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här
Bauteminister weiderzeleeden:

*„An der Press goufe mer rezent gewuer, datt zu Maarnech en neien
Zenter vun der Kategorie III vum CGDIS entstoe wäert. Dëse soll
nieft d'Nationale 7, net wäit ewech vum neie Rond-point gebaut
ginn. Och d'Bauverwaltung vu Clierf soll een neien Terrain am
Kanton sichen fir hir divers Aktivitéiten z'organiséieren.*

*An deem Kontext wollt ech folgend Froen un der Här
Bauteminister stellen:*

- *Ass och virgesinn fir den neie Site vun der Bauverwaltung
nieft dem geplangte CGDIS zu Maarnech opzemaachen?*
- *Gouf dofir schonn en Terrain kaaft?*
- *Gëtt et eventuell en Avant-projet fir dëse staatlechen
Zerwiss?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu